

Groupe parlementaire

Tratten, den 31. Mäerz 2022

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt mat Bedauere fest,

- datt am Ukrain-Krich esouwuel Combattante wéi och Zivilisten zu Schued kommen, déi zum Deel schwéier an dacks och liewensgeféierlech verwonnt ginn,
- datt an der Ukrain selwer eng adequat medezinesch Versuergung vun de betraffene Persounen net méi iwwerall ka garantéiert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- géintiwuer de Konfliktparteie fir humanitär Korridoren anzetrieden;
- Hëlleforganisatioune wéi den Internationale Kommittee vum Roude Kräiz ze ënnerstëtzen;
- sech un internationalen Efforten ze bedeelegen déi als Zil hunn schwéier verwonnte Leit aus der Ukrain an d'Europäesch Unioun ze brénge fir si do medezinesch ze versuergen;
- och d'Méiglechkeet ze préiwe fir esou Leit, falls si sollte kënnen op Lëtzebuerg transportéiert ginn, hei am Land medezinesch ze behandelen.

Jeff Engelen

Deputéierten